# Challenge „Jurassic World zu Lëtzebuerg“

**Niveau 1**

**Fro 1**

Du hues op engem Chantier verschidde Fossilie fonnt. Fossilie si verstengert Iwwerreschter vun Déieren oder Planzen.




*Foto 1*



*Foto 2*



*Foto 3*




*Foto 4*

All Fossil déi s Du um Chantier fonnt hues gehéiert zu engem Déier, dat viru Millioune vu Joren op dëser Äerd gelieft huet.

Kuck ob de Fossil zum richtege Bild gehéiert a schreif, ob d’Déier um Land oder am Mier gelieft huet.






| | | | |
|---|---|---|---|
| Tëntefësch | Fëschsaurier | Kalamar | Heesprénger |
| Foto : | Foto : | Foto : | Foto : |
| Liewensraum: | Liewensraum: | Liewensraum: | Liewensraum: |

**Fro 2**



Um Chantier op dëser Foto si verschiddene Schichten aus Steng a Buedem ze gesinn. Wéi eng Schicht ass méi al: déi mam grénge Feil oder déi mam roude Feil?

**Fro 3**

Du hues Fossilië vun Déiere fonnt, déi viru ville Millioune vu Jore gelieft hunn. Dës Déiere sinn an engem Mier geschwommen, dat och onst Land Lëtzebuerg bedeckt huet. Zeechen no Denger Virstellung wéi dës Déieren ausgesinn hunn. Eng Iddi kriss du vun de Fotoen an dësem Dokument.

**Bonusfro**




Du hues ee ganz rare Fossil fonnt: ee verstengerte Flillek vun engem Heesprénger!

Moment emol! Wou liewen Heesprénger normalerweis?

Wéi kann et sinn, dass een Heesprénger sech zesumme mat engem Tëntefësch (Ammonit) an engem Fëschsaurier verstengere konnt? Wat mengs Du? Erklär Deng Äntwert.